Wi zerguddster, a wat Saachen!
An deng Fräche göw mer Bröd.
An deng Kanner, wi se laachen,
An hir Bäckelcher, wi röd!

Jo, bei dir ass Rod net deier!
Jo a kuck mer wat äng Wescht.
Dad get Saache fir ann d' Scheier
An och Sue fir ann d' Kescht

Muorges wars de schuns um dräschen
Ir der Doudes d' Schung sech streckt
Bass am Do duurch Wiss a Päschen
Läscht all Waaßergruow geschreckt.

Jaa, dir wärd schuns neischt enllaafen
A käng Bässreng geet verluer
Wien dech göw fir Eefalt kaafen
Krüt jo fir sei Gäld käng Wuer.

Emol köm en aarmen Alen,
An ech höl et wuol ann Uecht
Dass de göw dem schwaache kalen
Wun dem Desch de ganze Ruecht.

An du scheks e bei den Uowen
An du schwaats em Fred a Mutt.
Bauer, kuck ech muß dech luowen
Du gefälls mer will ze gudd.

Duecht ech wuol, du gews bal kommen!
D' Hieselhäcken hu geblitt
An de Schuë ass all verschwonnen
Dan ass d' Zeit jo dat en plitt.